



Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°6377 vum 20. Juni 2022 vum éierewäerten Deputéierten Här André Bauler iwwert "Arbres malades le long de la Sûre"

Laanscht d'Uelzecht an d'Sauer schéngt eng ganz Rëtsch Beem krank oder vun engem Insekt befall ze sinn. Jiddenfalls sinn d'Blieder vun dëse Beem gefriess ginn a schéngen och net méi nei ze schéissen. Sou z.B. tëscht Ettelbréck an Dikrich laanscht d'Ënnersauer.

Ass d'Naturschutzverwaltung dësem Phänomen schonn op de Fong gaang?

Ëm wat fir eng Kränkt handelt et sech?

Der Naturverwaltung ass opgefall, dass verschidde Weiden zu engem Moment keng Blieder haten.

Alles deit drop hinn, dass d'Blieder vun Insektelarve gefriess goufen. Fir d'Identifikatioun ze maachen, hätten d'Insekte während dem Friesse bestëmmt misse ginn. Nodréiglech eng genau Analyse ze maachen ass net méiglech.

Et sief bemierkt, dass dëst duerchaus een natierleche Phänomen ass.

Handelt et sech heibäi éischer ëm een zäitweiligen oder ëm ee reng zoufällige Phänomen?

Sou eng Situatioun kënnt ëmmer an der Natur vir wann den Zäitpunkt vum Lafausdriff mam Moment wou déi meeschten Insektelarven virkommen iwwertenee fällt. Et kann een dovun ausgoen, datt déi meeschte Beem sech rëm erhuelen an nach am Laf vum Summer een zweeten Driff wärte maachen. Wann d'Wiederkonditiounen weider sou defavorabel fir d'Beem bleiwen, kann awer och net ausgeschloss ginn, dass verschidde Weiden (ewéi och aner Beem) ofstierwe wäerten.

Lëtzebuerg, den 19. August 2022

(s.) Joëlle Welfring

Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung